



Lëtzebuerg, den 6ten Februar 2017

Cercle Nautique de la Commune de Pétange a.s.b.l.

Secrétariat:
SCHWARTZ Claude
17 rue Jean-Pierre Huberty
L- 1742 Luxembourg
Tel. mobile: 661 580 741

E-mail: cnp.plongée@orange.lu

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

INFO März 2017

1ten Tauchgang

Samschdes den 29. Abrëll fänke mäer déi nei Saison um Stau un. Rendez-vous ass um 14.30 Auer zu Léifreg bei der Base vun de Segelbooter fir tauchen ze goën. Nom Tauchen grillen mäer am Duerf beim Chalet vum S.I..

Wéi gewinnt stellt de Klub d'Fleesch, fir Zaloten an Desserts'en musst däer suergen. (Teller, Leffelsgeschiir, Glas, Spullgeschiir net vergiessen!)

Mell dëch bis meindes den **24. Abrëll** bei mär un.

Wichtig fir d'Taucher; Och ons Moniteurs'en müssen sech organiséieren an wëllen daat net iwuer den Knéi brieche. Palanquées'en zesammenstellen an den Encadrement organiséieren ass eppes aanescht ewéi einfach eng Schëpp Kuelen méi op de Grill ze puchen. Duerfir gellt **fir d'Taucher en strikten Umeldetermin vun Méindes den 24. Abrëll ëm 12.00 Auer (daat ass Mëttes)!**

Ween Material brauch kritt daat donneschdes den 27. Abrëll an der Schwemm.

Freidestauchen

Glaich nom 1ten Tauchgang fänkt dann och onst Freidestauchen nees un. Hei d'Datumer:

12/05	26/05	09/06	30/06	07/07	21/07	04/08
	13/08 (Sondestauchen)	18/08	01/09	15/09	29/09	13/10

28/10 (leschten Tauchgang = Samsdes)

Thementrainer

Den 25/04 ass nach een Fläschentraininge.

Bei den Trainer vum 2.; 9.; 23. an 30. Mee lait den Akzent op der Apnée. P.S. den Apnéetraining ass eng gudd Virbereedung fir den Rettungsschwëmmertraining.

Op den Trainer vum Juni geet et dann haaptsächlech ëm d'Rettungsschwammen. Fir all déi wou en Rettungsschwëmmerbrevet maachen wëllen, oder een hun deen erneiert muss gin gëtt dono och en Examen organiséiert.

Nuit des Sports

Samschdes den 20ten Mai ass d'Nuit des Sports. Mäer maachen do mat andeems mäer vun 18.00 bis 20.00 Auer Baptêmer maachen. Ween interesséiert ass bei den Baptêmer ze hellefen kann sech elo schons mellen an sech den Datum reservéieren.



Lëtzebuerg, den 6ten Februar 2017

Cercle Nautique de la Commune de Pétange a.s.b.l.

Secrétariat:
SCHWARTZ Claude
17 rue Jean-Pierre Huberty
L- 1742 Luxembourg
Tel. mobile: 661 580 741

E-mail: cnp.plongée@orange.lu

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

INFO März 2017

Kalenner

25.04	Fläschentraining
29.04	1. Meetauchen
02.05	Apnéetraining
09.05	Apnéetraining
12.05	Freidestauchen
20.05	Nuits des Sports
23.05	Apnéetraining
26.05	Freidestauchen
30.05	Apnéetraining
Juni	Rettungsschwëmmertraining
09.06	Freidestauchen
30.06	Freidestauchen
07.07	Freidestauchen
21.07	Freidestauchen
04.08	Freidestauchen
13.08	Sondestauchen
18.08	Freidestauchen
01.09	Freidestauchen
15.09	Freidestauchen
29.09	Freidestauchen
13.10	Freidestauchen
28.10	Leschten Tauchgang

Fir de Groupe de travail,

Claude

MbG

Hei hannendrun zur Erënnerung nach eemol genau den Modus Operandi fir d'Umeldung fir d'Freides- an d'Sondestauchen.



Lëtzebuerg, den 6ten Februar 2017

Cercle Nautique de la Commune de Pétange a.s.b.l.

Secrétariat:
SCHWARTZ Claude
17 rue Jean-Pierre Huberty
L- 1742 Luxembourg
Tel. mobile: 661 580 741

E-mail: cnp.plongée@orange.lu

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

INFO März 2017

Tauchen um Stau

Aus organisatoresche Grenn muss **jiddereen** sech **ëmmer** per Mail beim **Claude** umellen, wann e mat tauche geet. D'Umeldung muss bis Denschdes 12:00 virum Tauchfreiden/ Tauchsonnden erasin.

Falls de Material brauchts, muss bei der Umeldung dobäi stoen, waat's de brauchts.

Material léinen:

Während der Schoulzäit:

Deen Donneschde virum Tauchfreiden muss de d'Saachen, di's de ugefroot hues, an d'Schwemm siche kommen. Deen Denschden drop bréngs du erëm alles mat an d'Schwemm.

An der Schoulvakanz:

Donneschdes virum Tauchfreiden ass e Responsabel vum Klub an der Schwemm. RDV ass um 19h30 niewend der Schwemm um klenge Parking. Da kriss du d'Material waat's de ugefroot haas.

Di geléinte Saache bréngs de dann 2 Wochen drop, Donneschdes virun deem nächsten Tauchfreiden an d'Schwemm zeréck.

Nemmen esou kenne mir garantéieren, dass fir jiddereen ëmmer Material do ass.

(Fro: wéi ass et wann een eng Flaesch haat, di ass eidel an se kënt Doneschdes erëm, dann ass déi jo nët voll fir Freides, oder!? Hu mir der dann genuch? Oder mussen d'Flaeschen dann Donneschdes GEFËLLT zréck kommen?)

Wanns du deng eege Fläsch gefellt wëlls kréien, da komm och um 19h30 dohin, da felle mer déng Fläsch. Dest muss de awer och bei denger Umeldung ugin.

Fir ze vermeiden, dass een Donneschdes do ze warden steet an kee kennt, muss de dän Umeldungsmail **un 2 Leit** schécken:

Claude : cnp.secretariat.plongee@orange.lu

Joe, responsabel Materialverleih/Fläschefellen : bempelbimbi@hotmail.com

Sondestauchen:

RDV ass dann um 10h00 beim Chalet, fir déi di tauche gin. Natirlech gött Mettes gegrillt. Mir behaalen di selwecht Formule wi Freides bai: Jiddereen bréngt säin lessen a säi Geschiir mat. Wee wëll, ka Mettes dann nach eng Kéier tauche goen. Hei muss de dech och bis Denschdes vidrun beim Claude umellen, wanns de mat tauche wëlls goen.

Lëtzebuerg, den 6ten Februar 2017



Cercle Nautique de la Commune de Pétange a.s.b.l.

Secrétariat:
SCHWARTZ Claude
17 rue Jean-Pierre Huberty
L- 1742 Luxembourg
Tel. mobile: 661 580 741

E-mail: cnp.plongée@orange.lu

C.C.P.L. LU94 1111 0688 6087 0000
B.C.E.E. LU53 0019 6600 0178 3000

INFO März 2017

Hei nach e puer Telefonsnummere, am Fall wou ee sech eemol um Stau misst ofmellen, oder am (Auto)Stau steet:

Polfer John :	621 746 404
Weis Laurent:	691 260 517
Guy Berchem:	621 756 600
Jeanrond Christian:	691 134 249
Polfer Mireille:	621 749 273
Christophe Pit:	691 686 761
Theis Nathalie:	621 274 375
Koenig Patricia:	621 254 087
Joe Hirsch :	691 748 487